N°3569
Entrée le 30.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës **dringend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'Nordstrooss ass déi eenzeg Autobunn déi de Norden mat der Stad, an esou och dem Recht vum Land verbënnt. 2025 hunn am Schnëtt 48.000 Autosfuerer pro Dag d'A7 benotzt fir an d'Stad ze fueren.

De 29. Januar 2026 huet d'Administration des ponts et chaussées gemellt, datt bei enger reegelméisseger Maintenance am Tunnel Grouft sérieux technesch Problemer mat der Ventilatioun entdeckt goufen, déi en normale Betrib vum Tunnel aktuell net méi erméiglechen. Aus Sécherheetsgrënn goufen déi zwou Schnellspueren an alle Richtungen zougemaach an d' Héchstgeschwindegkeet op 70 km/h limitéiert. Déiselwecht Moossname gëllen och fir den Tunnel Stafelter, deen identesch mat de selwechte Ventilatiounssystemer equipéiert ass.

Zäitgläich ass ze bemierken, datt am Joer 2015 wéinst änleche Problemer de Gousselerbierg-Tunnel gespaart gouf an och deemools Sécherheetsmoossname mat Spuersperrungen an Vitessreduktiounen ëmgesat goufen.

An deem Kontext wéilte mir follgend Froe stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch mir Präzisiounen iwwert déi genee Ursaache vun den Anomalien nennen déi bei de Ventilatore festgestallt gouf?
- Wéi laang wärten déi zwou Spueren zou bleiwen an d'Vitesse limitéiert ginn?
- Wéi eng präventiv Moossname gi geplangt, fir zukünfteg technesch Ausfäll oder virzäiteg Verschleiß un de Ventilatiounsanlagen ze vermeiden?
- Sinn och aneren Tunnellen am Land mat Ventilatiounssystemer vum selwechten Typ oder vum selwechte Fournisseur wéi déi am Tunnel Grouft a Stafelter equipéiert?
- Ass der Ministesch bekannt, ob et an anere Länner zu vergläichbare Virfäll mat dësem Typ vu Ventilator koum?
- Ginn an den Tunnelle Grouft a Stafelter déiselwecht Ventilatore wéi am Tunnel Gousselerbierg agesat? Wa jo, firwat gouf nom Virfall vun 2015 net op eng Alternativ oder op en anere Fournisseur zeréckgegraff?
- Wéi oft, a fir wéi vill Deeg jeweils, gouf den Tunnel Grouft an den leschte fënnef Joer gespaart oder a senger Benotzung beschränkt wéinst Tëschefäll, Maintenance-, Renovatiouns- oder Botzsaarbechten?


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

Mat déiwem Respekt

| | |
|---|---|
| Ben Polidori | Yves Cruchten |
| Deputéierten | Députéierten |



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

**lsap.lu**